la Croix sur Meuse

Den Flyfishing Club Lëtzebuerg hat séng drëtt Sortie am Joër 2011 op la Croix sur Meuse gemeet. Dësen Site ass nei am Programm vum Flyfishing Club an ass an Plaz vun Brouennes an den Programm gehol gin ewou et net méi méiglech wor éng Sortie ze organiséieren. La Croix sur Meuse ass een ganz neien Site deen ongeféier 10 km hannert deem bescht bekannten Site vun Sommedieue läit. Ewell den Weiher an énger Pisciculture läit, ass dësen och ëmmer beschtens mat Fësch besat. Esou haten sech also den 16. Abrëll 2011 éng gudd Dozen Memberen vum Flyfishing Club Lëtzebuerg op déier Plaz anfond fir zesummen een richtég flotten Dag ze verbréngen, dat schéint Wieder wor och erëm um Rendez –vous an d'Fësch hun sech vun hirer beschter Säit gewissen.

Jidvereen huet séng Fësch gefaangen an et sin allgemeng ganz vill Fësch gefaangen gin. Och wat d´Wiel vun den Mécken unbelaangt woren d´Fësch net kriddelech, déi Éng hun mat Streamer gefaangen, déi Anner mat Nymphen an géint der Mëtten ass dun zeguer déi drechen Méck zum Ansatz komm, hei huet den Arendt Erny sech erëm als groussen Könner herfir gedoën. Mée och den Jung Aender an den Paulus Raymond haten schéin zougeschloën ewei een op den Fotoën gesin kann. Mée alleguer d´Fëscher haten vill Fësch gefaangen an esou huet een egal ewou een hin gekuckt huet nëmmen zefridden Gesichter gesin.



Wenn der Vater mit dem Sohne..... den Muno Junior an den Muno Senior beim kescheren vun énger gudder Forell, Mir woren richtég Stolz dass den Muno Dan säin Bouw matbruecht hat an Dësen huet eis aalen Housen dann och direkt gewissen ewou et laang geet, Hien huet net nëmmen säin Papp op Trapp gehalen, née Hien huet och Allgeméng fir gudd Stëmmung gesuergt. Nëmmen weider esou Dan däin Bouw kann d´Méckenfëschen net fréih genuch léieren.

d´Jessen an Drenken woren natirlech och erëm net ze kuurz komm, dofir huelen mir Memberen vum Flyfishing Club eis ëmmer Zäit an schon beim Apperitif ass net ze knapp Fëscherlatein ausgetosch gin. Dat ass ëmmer deen Ament ewou ënnereneen d´Neiegkeeten ausgetosch gin,

an ewou wors Du dann an leschter Zàit fëschen.....Mir fueren elo geschwenn an Irland op den Saumon fëschen.....wors De dëst Joër schon op der Sauer ..... hues Deschon déi nei Mécken an der Fliegenfischen gesin..... wees De schon ewei een selwer getretzten Virfächer hirstellen kann..... hues De dem Jang séng Fly of the month schon gekuckt ..... asw.

Jée wann een esou een Méckenfëscher ass dann gin éngem Themen nie aus iwwert déi een schwätzen kann, Jidvereen huet dobäi natiirlech kléng Geheimnisser déi Hien wëll fir sech behalen mée am groussen Ganzen kann een op den Sortie´ën ëmmer deen leschten Beschass um Niveau vum Méckenfëschen gewour gin an et ass ëmmer erëm verwonnerlech eweivill Facetten d´Méckenfëschen duurstellt an och deen gewetztenen aalen Hues kann ëmmer nach hei Eppes dobäi léieren.

Nom Jessen ass et dun erëm bei d´Waasser gaangen an mir hun et am gesiedegtem Zoustand dun ee bëssen méi lues ungoën geloos, wat d´Fësch och ganz begréisst hun.

Eis nächst Sortie féiert eis elo den 14. An 15. Mée op Saulxure an d'Vogesen, hei verbréngen mir zwee Deg an schloofen Owes an Chalets'en déi direckt um Séi geleën sin. Saluxure ass net nëmmen landschaftlech een vun den schéinsten Sit'en, née och déi schon bal legendär Grillowender bleiwen eis ëmmer an beschter Erënerung. Et ass ëmmer erem schéin an d'Vogesen ze fueren an mir huelen gären déi puer Kilometer op eis fir kënnen un dëser Sortie deel ze huelen. Saulxure ass och een vun den wéinegen Séi'en ewou een mam Belly Boat erausfueren kann an esou gët dann och op dëser Plaz ëmmer vun villen Memberen d'Geleenheet ergraff fir dës ee bëssen méi speziell Methode vum Méckenfëschen ze praktizéieren.